# Mediensplitter

## Populär sin, ouni populistesch ze gin

*Den 8. Abrëll sin zu New York d'Pulitzer-Präisser fir journalistesch Glanzleeschtungen aus dem Joer 2001 annoncéiert gin. De Palmarès stoung ganz am Zeeche vum 11. September. D'Gewënner an 8 vun am ganze 14 Kategorien haten eppes mat den terroristeschen Attacken ze din. Eleng d'***New York Times** *huet 7 Präisser agesammelt — souvill Auszeechnunge krut eng eenzeg Zeitung nach ni an engem eenzege Joer; bis elo louch de Maximum bei dräi. All Journalistepräis as mat 7.500 Dollar verbonnen. Dës Suë stamen aus enger éischter Dotatioun vum Joseph Pulitzer. Mee, wie war dee Mann eigentlech?*

De Joseph Pulitzer koum den 10. Abrëll 1847 an Ungarn op d'Welt. Als jonke Mann wollt hien an d'Arméi. Mee well hien nët gudd gesin huet an och soss nët vu beschter gesondheetlecher Konstitutioun wor, as hien op méi Plaatzen heemgeschéckt gin. Jhust d'Amerikaner hun en Ae zougepëtzt, well bei hinne grad Biergerkrich war. 1864 as de Pulitzer un der Ostküst ukomm, ouni méi wéi eng Doze Wieder englesch ze schwätzen. Wéi nees Fridden an den USA geherrscht huet, wollten de Pulitzer an e puer vu séngen Zaldotekollegen an de Westen, fir do hiert Gléck ze probéieren. Si hun all hier Suë fir en Zuchbilljhee zesummegeluecht a koumen domadder grad bis op St. Louis am Staat Missouri.

Während hien eng Abberzuel von Aarbechten iwwerholl huet, huet de Pulitzer Droit studéiert. Mee séng eigentlech Vocatioun huet hien am Journalismus fonnt. Duerch Zoufall krut hien 1868 en Job als Reporter bei der däitschsproocheger Zeitung *Westliche Post*. Véier Joer méi spéit gouf hien hieren Haaptaktionär. 1878 huet de Pulitzer déi ugeschloen *Dispatch* gesteet a kuerz drop d'Post kaaft an dunn déi zwou Zeitungen zu der *St. Louis Post-Dispatch* fusionéiert. Séier huet hie vill Mënz mat séngem Blad gemaach. E Joer méi spéit, 1869, as hien and'Parlament vu Missouri gewielt gin. Do as hien haaptsächlech opgefall, wéi hie mat enger Pistoul op e politesche Géigner geschoss huet, well deen hien en „houere Ligener" genannt hat. Dem Mann as glécklecherweis näischt geschitt.

1883 huet de Pulitzer d'*New York World* kaaft, an hier Oplo an deenen nächsten 10 Joer vu 15.000 op 600.000 eropgeréckt. D'Rezept vum Pulitzer séngem Succès: Populär sin, ouni populistesch ze gin. Hien huet als éischte verstan, datt et bei der Zeitung op d'Verpaackung ukënnt. Mat séngen Innovatiounen huet hien d'Presse bis haut beaflosst. De Pulitzer huet fir Iwwerschréften op der éischter Säit gesuergt, déi iwwert e puer Kolonne gaange sin, amplaatz jhust iwwert eng eenzeg. Hien huet graphesch Elementer agesat, wéi Photoen a Biller. Hien huet den Opmaacher vu lénks no riets op der Titelsäit geréckelt, well hien erkannt huet, datt eng Zeitung aneschtfonktionéiert wéi e Buch. Hien huet 1890 Spezialsäite agefouert fir Sport a Fraen. An hien huet intuitiv gespuert, datt een d'Lieser mat Ënnerhalung vir op der Zeitung lackelt, fir hinnen op Säit 4 de Commentaire als edukativt Element ze liwweren. Genee esou huet de Pulitzer de Wert vun de Reklammen erkannt, wa si mat enger héicher Oplo gekoppelt gin. 1880 koumen zwee Drëttel vum Revenue vun enger Zeitung aus dem Verkaf an een Drëttel aus der Publicitéit; 1900 war d'Relatioun schon emgedréint: 55:45 fir d'Reklammen.

De Pulitzer huet séng Blieder ëmmer als Affekot vun der Allgemengheet gesin. Wéi d'Reejhirung 1896 eng Staatsemissioun wollt opleën an den Interessi nët immens grouss war, sollte verschidde Banken eng Remise akkordéiert kréien fir matzemaachen. De Pulitzer huet nët agesin, fir wat d'Banken sou Avantagë sollte kréien an huet eng Campagne fir d'Emissioun lancéiert; d'New York World as mat dem gudde Beispill virgaang an huet 1 Millioun Dollar op den Dësch geluecht.. D'Operatioun war e Succès, an de Pulitzer huet esouguer nach 50.000 Dollar Bénéfice gemaach, déi hien iwwregens fir sech behalen huet.

Engem aneren Appel vum Pulitzer as et ze verdanken, datt d'Fräiheetsstatue zu New York steet. Dëse Cado vun de Fransousen huet drop gewaart, mat dem Schëff and'Nei Welt geschéckt ze gin. Mee wourober sollt si gestallt gin? Mat de Suën, déi d'New York World gesammelt huet, konnt schliisslech de Sockel op der Liberty Island viru Manhattan gebaut gin.

1887, mat 40 Joer, war de Pulitzer quasi blann a krutt alles virgelies. Dräi Joer méi spéit huet hie sech aus der Chefredaktioun erausgezunn. Den Déifpunkt vu sénger Carrière koum 1898, wéi hie sech en Zeitungsduell ouni Gnod mat séngem Konkurrent William Randolph Hearst geliwwert huet. Den Hearst huet den *New York Journal* 1895 kaaft – eng Zeitung, déi ironescherweis dem Pulitzer säi Brudder Albert 1882 op d'Bee gestallt hat. No dem Opstand vun de Kubaner géint d'spuenesch Besatzer hun de Pulitzer an den Hearst sech am Populismus géigesäiteg iwwerbueden. Si hun d'US-Reejhirung quasi an de Krich mat de Spuenier gedriwwen, wéi si eng geheim Depesch publizéiert hun, déi de Spuenier d'Schold un der Explosioun vum amerikanesche Krichsschëff *Maine* am Hafe vun Havanna gin hun. Herno huet sech erausgestallt, datt dës Depesch eng Fälschung war. De Pulitzer huet de Rescht vu séngem Liewe bedauert, datt hie sech op dëst Spill ageloos hat. Soss war säi journalistescht Motto nämlech op der Mauer vun der Redaktioun ze liesen: *„accuracy, accuracy, accuracy"* – Genauegkeet a soss näischt.

1892 huet de Pulitzer der Columbia University eng éischte Kéier proposéiert, eng Journalisteschoul opzebauen. D'Akademiker waren nët interesséiert. 10 Joer méi spéit huet hie séng Offer nach eemol gemaach, an déi Kéier gouf si akzeptéiert. Den Joseph Pulitzer as den 29. Oktober 1911 op sénger Jacht gestuerwen. Ee Joer drop gouf mat sénger Spend vun 2 Millioune Dollar d'Journalisteschoul vun der Columbia University gegrënnt. An 1917 si fir d'éischte Kéier d'Pulitzer-Präisser fir journalistesch Glanzleeschtunge verdeelt gin.

PS: Méi iwwert d'Pulitzer-Präiser am Internet ënnert www.pulitzer.org. Als zousätzlech Lektür ze recommandéieren as déi rezent Biographie vum Denis Brian *Pulitzer. A Life*, déi 2001 zu New York bei John Wiley & Sons publizéiert gouf.

**Romain Kohn**

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 17. Abrëll 2002)*